

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2020

Monsieur Fernand ETGEN

Président de la Chambre des Députés

LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministes an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden:

„Den Dampmelder ass zanter dem 1. Januar an all Neibau zu Lëtzebuerg obligatoresch. Fir den Albau gëllt dat Gesetz jo eréischt vum 1. Januar 2023 un. D'Leit konnten e Melder fir näischt op den Inneministère oder op hir Gemeng siche goen.

Gehörlos Mënschen héieren een Dampmelder schlecht oder guer net. Deemno bréngt en normalen Dampmelder hinnen näischt. Um Marché ginn et awer adaptéiert Apparater fir déi Leit. Iwwer Funk kann een zwee verschidde Modeller mam Dampmelder vernetzen: Daagsiwwer ass et eng Blinkanlag, déi eng hörlos Persoun alarméiert, an der Nuecht ass et ë Këssen, dat bei Feier oder Damp vibréiert. Änlech Apparater ginn et fir de Babyfon, de Wecker oder fir d'Schell un der Dier. An Däitschland iwwerhëlt d'Krankekeess déi speziell Apparater zanter 2014, wann eng Ordonnance vum Dokter virläit. An dem Kontext géinge mir den zoustännege Ministere gäre folgend Froe stellen :

- 1. Kennen d'Ministernen de Problem an déi respektiv Léisungen?*
- 2. Wa jo, wéi eng Méiglechkeet hunn déi betraffe Leit zu Lëtzebuerg ? Wou kënne si sech informéieren?*
- 3. Gesäit d'CNS de Remboursement vun esou Apparater vir? Wa jo, gi se ganz rembourséiert ?*
- 4. Wann net, kéint esou e Remboursement agefouert ginn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten